Här Claude Wiseler
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 8. Abrëll 2026

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Ausseminister, den Här Familljeminister an den Här Inneminister weiderzeleeden.

Bäi engem Staatsbesuch vum syreschen Iwwergangspresident Ahmed al-Scharaa huet den däitsche Bundeskanzler Friedrich Merz den 30. Mäerz annoncéiert, datt an den nächste Joren 80 Prozent vun de Leit, déi sech als Biergerkrichsflüchtlingen an Däitschland ophalen, bannent den nächsten dräi Joer sollen an hiert Heemechtsland zeréckgoen.

An deem Zesummenhang géif ech der Regierung gär dës Froe stellen:

1) Wéi beurteelt d'Regierung d'Situatioun vun de Syrer hei am Land? Ass d'Regierung och der Meenung, datt déi grouss Majoritéit vun hinne soll zeréckgoen?
2) Kéint d'Regierung sech virstellen, bäi der Réckféierung vu Syrer mat den däitschen Autoritéiten zesummen ze schaffen, notamment am Beräich vum Transport? Falls net, firwat net?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten